N°1835
Entrée le 21.02.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten Xavier Bettel op d'parlamentaresch Fro n°1835 vum 23 Januar 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

Lëtzebuerg ass 2006 beim "*Global Partnership for Education*" (GPE) bäigetrueden. Bis haut huet Lëtzebuerg 11,5 Millioune US$ an de GPE-Fonds bäigedroen. 2021 huet Lëtzebuerg säin éischte pluriannuellen Accord mam GPE ënnerschriwwen, deen 2,5 Milliounen Euroe fir de véierten „replenishement" vum GPE virgesäit, also 500.000 EUR järlech iwwert d'Period 2021-2025. "*Education cannot wäit" (ECW)* gëtt net direkt vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt.

**Ad 2)**

Iwwert Period 2021-2023 goufen an der Moyenne ongeféier 9% vun der APD dem Bildungsberäich zougedeelt.

**Ad 3)**

Bildung ass Deel vun der éischter thematescher Prioritéit vun der Kooperatiounsstrategie, wou et drëm geet den Zougank zu Basis sozial Déngschter ze verbesseren. Zousätzlech ass Bildung och en Deel vun den dräi aner Prioritéite vun der Lëtzebuerger Kooperatioun, besonnesch d'Verbesserung vun der sozio-ekonomescher Integratioun vun de Fraen an de Jonken.

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2025

Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht
an humanitär Ugeleeënheeten

(s.) Xavier Bettel